

CSV Useldeng

## Mat kloerem Blëck no vir

Eise Kandidat bei de Komplementar-Wahlen fir de nächsten Sonndeg:

### Pedro da Silva (genannt Pierre)

1978 gebuer a Portugal, zënter 1980 zu Lëtzebuerg

Bestued, 2 Kanner am Alter vun 8 an 3 Joer

Wunnt zënter bal 10 Joer an der Gemeng Useldeng

Schafft als Techniker bei der Post

**Politesch a sozial Engagementer:**

Member vun der CSV-Sektioun Useldeng

Member vun der LCGB-Sektioun Attert

President vun der LCGB-Sektioun P&T Luxembourg

LCGB-Sécherheetsdelegéierten an Member vun der Personaldelegatioun bei der P&T Luxembourg

Member vun der LCGB-Fédératioun Éffentlechen Dénsgsch

De Pierre setzt sech an fir sozialpolitesch Sujets déi eis alleguer concernéieren: Gesondheets- an Pensiounsreform, Jugendchômage, Budgetsdiskussionen, etc.

**Och an der Gemengepolitik gin et vill Sujets déi d'Bierger direkt betreffen:**

Een vun de wichtigsten Projets fir d'Zukunft ass e **multifunktionalt Gebäi** fir den techneschen Dénsgsch vun der Gemeng an eis Pompjeeën, ouni ze vergiessen e neien Proufsall fir eis Muséksgesellschaft.

Realistësch **Energiekonzepter**, qui tiennent la route, brauche mir onbedengt an der ganzer Gemeng.

An en **öffentlechen Transport**, deem de Bierger encouragéiert, matzefouren.

No der Ennerschrëft vum **Pacte logement** ufanks Februar 2012, muss lo Prioriteit sin, fir een nohhaltige Wunnengsbau Perspektiven aus ze schaafe.

Gemeinsam Aktivitéiten vun der Maison Relais an dem Seniorenforum solle stimuleiert gin fir esou déi **jonk an eeler Generatioun** méi no zesummen ze bringen.

**Fräizäitaktivitéiten**

Famill / Musék (Guitar, Bass, Batterie) / Sport / Wanderung / Natur / Frëndschaften pflegen

Wander- a Velosweeher an eiser Gemeng sollen eng Realiteit gin an och déi lokal Sektiounen, Sport- an Jugendkommissioun, solle weiderhin ennerstetzt gin.

**De nächsten Sonndeg wile mir zu Useldeng den CSV-Mann**

### Pedro da Silva (genannt Pierre)

fir weider Informatiounen, rufft mir un um Telefon xxx oder per mail xxxx